

**OekoZenter Pafendall an Zesummenaarbecht mat de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer**

*Fir d'Betriber do sinn, déi hir Produktioun am Sënn vun enger ëmweltschonender an zukunftsfähiger Landwirtschaft wëllen optiméieren*

**Den neien Landwirtschaftsberoder Claude Petit stellt sech vir**



**E**ch sinn 1988 zu Esch/Uelzecht gebuer an zu Käl opgewuess. De Minett hunn ech awer mëttlerweil, no 6 Joer Studium an Auslandsopenthalter, verlooss fir mech op der Musel zu Schwéidsbeng niddierzeloossen.

Nom Lycée zu Esch hunn ech 2007 mat engem Agrarwëssenschaftsstudium zu Bonn ugefaangen. Ech hu mech an deenen éischten dräi Joer op de Planzebau spezialiséiert. Besonnesch interessant hunn ech et ëmmer fonnt, Strategie kennenzeléieren, déi agrarökologesch Prinzipien ausnotzen an esou vill ewéi méiglech Energieinput an e Betribssystem vermeiden. Dowéinst hunn ech mech a menger Bacheloraarbecht mat Tëschefrüchten an hirer Onkrautënnerdréckung an de Bounen beschäftegt. 2011, no engem Joer, dat ech fir ee Stage zu Lëtzebuerg an ee Stage am Nepal genotzt hunn, sinn ech mat engem Agrarwëssenschaftsmaster mat engem weidere Schwéierpunkt an der Landschaftsökologie an därselwechter Stad weidergefuer.

Esou e Studium bitt engem an der Regel och vill Zäit, fir sech mat thematesche Saachen ze beschäftegen, déi näischt mat engem Schreifdësch ze dinn hunn. Sou konnt ech meng Jore notzen an an enger internationaler Agrarstudentenorganisatioun tätëg sinn, wou ech d'Agrarlandschaft an d'Bauern an hir Constrainten aus munchen europäesche Länner kenneléiere konnt. Mäi leschten Openthalt, am Kader vu mengem Studium, war am Bhutan, engem klengen Kinnekräich nördlech vum Indien, dat sech dat héich gestachen Zil gesat huet, vun 2020 un, 100 % vu senger Gesamtfläch no de Prinzipie vum enger biologescher Landwirtschaft ze bewirtschaften. Op d'Erreeche vun esou engem Zil, ënnert hire Konditiounen sënnvoll ass oder net, ass dohannen eng vill gestallte Fro, déi net onbedingt liicht ze beäntweren ass. Wat awer ze gesi war, war datt kleng Schrëtt an eng Richtung vum enger Landwirtschaft, déi méiglechswäit op d'Kreesleef vum Naturhaushalt zeréckgräift, oft grousst positiv Changementer, och op den einzelnen Betriber selwer, mat sech bréngen.

Un de Resultater vun der Berodungsarbecht fir eng verstärkte Notzung vu betribseegenen Eewäissfudderplanzen, déi vu menger Virgängerin, dem Katharina David, gelescht gouf, ass ze gesinn, datt esou e Prinzip och fir déi ganz anescht strukturéiert Betriber an engem esou wäit entwéckelte Land, wéi Lëtzebuerg wouer ass. Weiderhi bleift ee vun den Ziler vun der ekologescher Landwirtschaftsberodung, de Feldfudderbau mat Eewäissplanze berodend ze ënnerstëtzen, fir esou - ënnert anerem - den Nährstoffkreeslaf um Haff e Stéck méi zou ze maachen, eng gréisstméiglech Fruchtfolleg ze erreechen, den Asaz vu Spréitzmëttel ze miniméieren, e gesonde Buedem ze förderen an - net zulescht - Aarbechts- a Käschtenspuernisser ze erzielen.

Eppes wat aktuell ëmmer méi am Bewosstsënn vun der breeder Ëffentlechkeet ukënnt, ass datt d'Landwirtschaft net nëmmen d'Aufgab huet, fir Leit ze ernähren, mee gläichzäiteg vill aner Funktiounen iwwerhuele muss oder per se iwwerhëllt. D'Schaffen an den Erhalt vum enger gesonder Kulturlandschaft, mat all hire Leeschtunge fir de Mënsch, läit zum groussem Deel an den Hänn vun de Baueren a muss - anescht wéi gäre behaupt gëtt, net am Konflikt mat enger Produktioun vu gesonden lesswueren, Fudderemittel an Energie stoen. Dozou gehéiert och e gesellschaftleschen a politeschen Kader, deen dës Multifunktionalitéit vun der Landwirtschaft an hir dementspreechend grousst Verantwortung unerkennt a virun allem gerecht honoréiert. Am Schaf vum esou engem Kader gesinn ech d'Zil vun der Ëffentlechkeetsarbecht vum OekoZenter Pafendall un der Säit vun de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer.

Ech freeë mech säit Ufank November mat engem oppenen Ouer a betribsspezifischer Berodung fir déi Häff do ze sinn, déi hir Produktioun am Sënn vun enger ëmweltschonender an zukunftsfaheger Landwirtschaft wëllen optiméieren. Wann Dir Interessi un enger Berodung oder Froen zu der Berodung vum OekoZenter Pafendall an de Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer hutt, zéckt net, lech bei mir ze mellen.

Mat frëndleche Gréiss,  
**Claude Petit**